



Lëtzebuerg, den 14. Juni 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech, des parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannescht Sécherheet an un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

De 14. August 2020 ass d'Fourrière vun der Police an der Gebléishal zu Esch-Belval aus Sécherheetsgrënn zougemaach ginn. Bis eng laangfristeg Léisung am Beräich vum Rond-Point Raemerich zu Esch-Belval kann amenagéiert ginn, sollt eng lwwergangsléisung gesicht ginn. De Minister fir bannescht Sécherheet huet, ouni Erfolleg, all Südgemenge kontaktéiert fir en Terrain ze fannen. Obwuel dëst keng Aufgab vun de Gemengen ass, sinn d'Südgemenge mam Probleem befaasst, well déi immobiliséiert Autoen elo op der Voie publique stinn an net nëmmen am Stadbild stéieren, mee och beschiedegt ginn.

An dësem Kontext géif ech gärën der Regierung folgend Froe stellen:

1. Fir wat ginn déi concernéiert Autoen net an d'Fourrière um Findel gefouert déi dem Staat gehéiert a vun der Police verwalt gëtt ?
2. Wier d'Regierung bereet dëst als Tëscheléisung virzegesinn éier déi laangfristeg Léisung beim Rond-Point Raemerich en Place ass?
3. Wann nee, aus wéi enge Grënn?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Georges Mischo

Deputéierten